


04. Juni 2022 / 55

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

CTIF Olympiad zu Celje (Slowenien)
steet virun der Dier. An der Péngecht-Vakanz war den leeschten TrainingsWe, wou d'Equipe hir Uniformen offiziell vum CGDIS iwwerreecht krut. Hei sief nachmol Merci gesot.





CGDIS site mobile SADIFF
D'Equipe vun der DMS huet eis matgedeelt, dass den 26.08.2022 (moies) och een Site mobile am CIS SaDiff virgesinn ass.

**Merci am Numm vum JFA!**

**POMPJEESVERBAND FLASH** Save the date 2022

**1. IVV Wanderung Amicale Asaazzenter Dikrich**
12.06.2022 zu Diekirch C.C. “Aal Seeërei” (5, 10 & 20km)
E-mail: Amicale.diekirch@outlook.com

**SPILLERDAG fir d’Jugendpompjeeën Regioun Zentrum**
09.07.2022 zu Béiwen/Attert

**Rallye pédestre fir d’Jugendpompjeeën CIS-GM**
09.07.2022 zu Mäertert (grousse Parking) vun 13.00 Auer un.
E-mail: markay1172”gmail.com

**CTIF Pompjees-Olympiad**
17. bis 24.07.2022 zu Celje a Slowenien

**World Rescue Challenge**
07. bis 11.09.2022 um CNIS Lëtzebuerg

**2. Journée Nationale de la Sécurité**
11.09.2022 um CNIS Lëtzebuerg

**Nationaler Feuerwehr-Cross**
01.10.2022 in Weiswampach

# EVENT-KALENNER:

Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, Ärem CIS oder soss eng Manifestatioun? Deelt des gären per Mail op **communication@cgdis.lu** mat.

## INFO’EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| 2022 | | |
|---|---|---|
| **Juni** | **25.06.** | **Larochette** |
| **Juli** | **30.07.** | **Clervaux** |
| **August** | **27.08.** | **Beckerich** |
| **September** | **24.09.** | **CNIS** |
| **Oktober** | **29.10.** | **Itzig** |
| **November** | **26.11.** | **CNIS** |
| **Dezember** | **17.12.** | **Bascharage** |

No folgend fënns du dann och nach den Link fir d’ Newsletter CGDIS – 05/2022 : https://gd.lu/4Lr4jt

## TraningsWE – Equipe CTIF:













Service national de la jeunesse

EUROPEAN YEAR OF YOUTH

## Fräiraum fir Jonker

Jonker gestalten hire Raum

21. Juni 2022, 9h00 – 15h30

Forum Campus Geesseknäppchen

40 Bd Pierre Dupong, 1430 Luxembourg

| Auerzäit | Contenu | Referent*in |
|---|---|---|
| 8h30 – 9h00 | *Accueil*<br>*Kaffi, Téi, Mëtschen* | |
| 9h00 – 9h15 | *Ouverture* | Georges Metz<br>SNJ |
| 9h15 – 9h40 | Wéi stellen ech an der Gemeng ee participative Projet mat Jonken op d'Been? | Nadine Lepage<br>Jugendbureau Éislek |
| 9h40 – 10h10 | Solidarity Project – Hochbeet mat Refugiéen | Club des Jeunes Erpeldange-sur-Sûre<br>Nadine Linden<br>Anefore |
| 10h10 – 10h35 | Projet NeiSchmelz – ee jugendfrëndlechen Treffpunkt | Tess Malano<br>Jugendhaus Dudelange |
| 10h35 – 11h00 | Youth-led spaces in Romania | Mihai Vilcea<br>FITT - Timiș County Youth Foundation |
| 11h00 – 11h15 | *Paus*<br>*Kaffi, Téi, Mëtschen* | |

Service national de la jeunesse

EUROPEAN YEAR OF YOUTH

| | | |
|---|---|---|
| 11h15 – 12h00 | Table ronde – Méiglechkeeten an Erausfuerderunge bei der Gestaltung vu jugendfrëndleche Raim a Plazen | Catia Pereira<br>Service Jeunesse Differdange<br><br>Nathalie Schirtz<br>SNJ<br><br>Harpa Tordardottir<br>Nordstadjugend<br><br>Tess Malano<br>Jugendhaus Dudelange |
| 12h00 – 12h15 | Themesammlung – World Café | |
| 12h15– 13h15 | *Mëttegpaus*<br><br>*Fingerfood + Mignardises* | |
| 13h15 – 14h45 | World Café – Austausch an thematesche Gruppen | |
| 14h45 – 15h15 | Synthes aus de Gruppen | |
| 15h15 – 15h25 | Feedback | |
| 15h25 – 15h30 | *Fin* | Manon Assa<br>SNJ |

Léif Jugendaarbechter*innen, léif Jugendservicer a Partnerorganisatiounen,

Heimat invitéiere mir iech op d'Konferenz ***Fräiraum fir Jonker – Jonker gestalten hire Raum***, déi den **21. Juni 2022** vun 9-15h30 am **Forum Campus Geesseknäppchen** stattfanne wäert.

Wéi dir am Programm an der Annex gesitt, wäert den Dag aus enger Presentatioun, Good-Practice-Beispiller aus dem In- an Ausland, enger interaktiver Table ronde an World-Café-Workshops bestoen. Et wäert drëm goen, wéi mat Jonken zesumme méi Raim a Plaze gestalt kënne ginn, wou si sech ausliewen a wuelfille kënnen. Wéi kann d'Jugendaarbecht bannen a bausse méi Plaze mat Jonken a fir Jonker schafen, déi hinne gehéieren? Wéi geet een un esou ee Projet erun a mat weem kann een zesummeschaffen? U wéi enge Projete kann een sech inspiréieren? Deene Froe wëlle mir den Dag vun der Konferenz zesummen nogoen.

D'Konferenz ass als **Formatioun** fir **5,5 Stonne** validéiert an dës gi vun ärem Crédit d'heures ofgezielt.

Wann dir den 21. Juni wëllt dobäi sinn, mellt iech w.e.g. **bis den 9. Juni** iwwert **dësen Inscriptiounsformulaire** un.

Bei Froen zu ärer Umeldung kënnt dir iech gär un secretariat@snj.lu wenden.
Bei all aner Fro kënnt dir iech un manon.assa@snj.lu wenden.

Mir freeën eis op eng flott an interessant Konferenz mat iech!

Léif Gréiss,
Manon & Ekipp Jeunesse – Division Innovation

Léif Frënn vum CGDIS,

D’Amicale Asazzenter Dikrich ass zënter dësem Joer Member bei der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun.

Well de Sport eng grouss Roll spillt bei allen Asazkräften hu mir eis decidéiert fir Member an der Lëtzebuerger Wandersportfederatioun FLMP ze ginn an och deementspriechend eng IVV-Wanderung unzebidden.

Dëst ass d’Méiglechkeet fir jidderee fir ee Fräizäitsport ze praktizéieren an dëst net nëmmen eleng mee och zesumme mat alle Familljemembere vu Kleng bis Grouss.

D’Kanner bis 14 Joer starte gratis, all déi aner bezuelen eng Participatioun vun 1,50 €.

Mir freeën eis, Iech op eis éischt IVV-Wanderung op Dikrich ze invitéieren, an zwar e Sonndeg, 12. Juni 2022 vu Moies 07.00 Auer un. Owes géint 17.00 Auer maache mir eise Stempelbüro zou.

Dir kënnt starten op 5, 10 oder 20 km, dëst bis spéitstens um 14.00 Auer.

Dir kënnt also wanderen, esou wäit wéi dir wëllt an esou séier wéi dir wëllt, eleng, mat Ärer Famill an esouguer mam Hond.

Mir suergen de ganzen Dag fir Iessen an Drénken, eng flott Ambiance ass garantéiert, ee Sprangschlass waart op d’Kanner bis 12 Joer.

Mir freeën eis op Iech an invitéieren Är ganz Equipe zesumme mat hirer Famill op Dikrich op déi éischt IVV-Wanderung vun der Amicale Asazzenter Dikrich.

Merci fir Är wäertvoll Mataarbecht a vläicht gesi mir eis den 12. Juni zu Dikrich.

Bescht Gréiss

**Pia KINTZIGER-GROBEN**

## Flott Aktioun aus der Jugendaarbecht:

CIS Schifflange :






## Centre d'incendie et de secours Dudelange



🚨🚒Jugend CIS Diddeleng 24-Stonnen Übung🚒🚨
D Idee hannendrun war hinnen den Alldag vun engem Beruffspompjee méi no ze bréngen.
Vum Inventairecheck vun den Ween, Sport, realitéitsno Asätz, Übungen bis zum Botzen vun den Ween war quasi alles um Programm.
5 Kanner hunn den HLF besat an 2 Kanner een RTW.
Hei een groben Oflaf vun der Übung=
Samschdes ass et dunn um 14:00 lassgaangen. No der Begréissung stoung den Inventaire vun den Ween um Programm. Dono war dann scho den éischten Asaz. Hei war eng Persoun an der Trapp gefall an d Equipe vum RTW missten hier Kolleegen vum HLF noruffen fir Drohellef. Dono hunn se geübt mat den Hiefkessen. Firum Iessen gouf et dann nach een klengen Asaz wou eng Persoun agespaart waar, déi sech net guud gespiert huet. D Nodeems se Fenster gewaltfräi opgemaach hunn, gouf den Patient en Charge geholl vun der Equipe vum RTW. Dono gouf et dann eng selwer gemaachten Spaghetti. Kuerz nom Iessen haten se dann erëm een Asaz, eng Persoun mat Verdacht op eng Iwwerdosis wou am Auto sutz. Ofgeschloss gouff den Owend mat der Championsleague-Final.

An der Nuet géint 1 Auer war dann een nächsten Asaz. Hei war d Meldung dat eng Persoun sech am Bësch verlaf huet an keng Kraaft méi huet fir ze tëppelen. Nëmmen mat Hëllef vun enger Wärmebildkamera missten d Jugendlecher dunn d Victime fannen. Dono gouf se dann Richtung RTW oftransportéiert. Um 8:00 Sonndes moies waar dunn Foußdengscht um Programm virum Frühstück. Dono kruten se een Autosaccident gemellt. Nom Asaz goufen d Gefierer gebotzt. Schlussendlech gouf eng Feedbackronn gemaach an zesummen gegrillt.



Jugendleeder soen den Kanner wéi och den Elteren een groussen Merci fir dat si matgemaach hunn.😀
Een Merci och un den CIS Kayl/Tétange an CIS Beetebuerg fir d'Ausléinen vun den Ween. Merci och un den GIS Cynotechnique dat si eis Feldbetter ausgeléint hunn.😀
Och een Merci un d'Amicale vum Zenter Diddeleng fir d'Verfleegung vum ganzen Weekend, wéi och den Helfer an Victimen. 😀
Hei ënnendrënner puer Foto'en vum Weekend.😀

## CIS Weiswampach & CIS Elwen – 24 Stonnen Übung:



**Pompiers centre d'incendie et de secours Kopstal** 😎fühlt sich cool – hier: **CISMA - Centre d'Incendie et de Secours Mamer**.

Visitt beim CISMA - Centre d'Incendie et de Secours Mamer
Jugendpompjeeën waren bei Kolleege vum "Centre d’incendie et de secours Mamer" op Besuch. Dëst ass een 'CIS' vun der Kategorie 3 mat fräiwëllegen an beruffleche Pompjeeën wou Ambulanzen a speziell Asazgefierer stationéiert sinn.
Merci dem CIS Mamer fir déi flott Visitt.



**Jugendpompjeeën vum CIS Remich**

SAP - Secours à Personnes, Réanimatioun woar d'Thema fir eis Jugendübung



An eisem Centre d'Incendie et de Secours hu mir e puer Éischt-Hëllef Instrukteren, op déi mir bei sou engem Thema natierlëch gäer zréckgräifen. Gëscht woar et eise Chef CIS, deen eis d'Thema Rea méi no bruet huet.
Fir d'1. kruten d'Jugendpompjeeën erkläert, wéi d'Häerz funktionnéiert, duerno ass et mam BAP-Schema (Bewusstsein - Atmung - Puls) weider gaang.
Zum Schluss hu sie dunn praktësch kënne schaffen.
Beim Ofschaffen vum BAP-Schema hu sie festgestallt, dass de Patient bewosstlos ass, net otemt a kee Bols huet. Soumat ass de Patient reanimatiounspflichteg, a sie konnten mat der Rea ufänken.

Nom 1. Duerchgang hu sie dann och nach den AED (Automatisierter externer Defibrillator) bei der Rea mat benotzt.

**Centre d'Incendie et de Secours Grosbous CIS-GR**



Bei Jugendübung stung Thema Ambulanz um Programm. Et gouf ons vum CIS Rambrouch erlaabt hir Ambulanz unzekuken. Hei hun Melissa an de Franjo sech viel Zeit gehol ons Ambulanz an Reanimation de Jugend ze erklären. Mir soen hinnen zwee, en ganz ganz grousse Merci duerfir 👍
Och Jonker brauchen keng Angst ze hun eng Reanimation ze machen 💪All Sekonn as wichteg 🩺

**Pompjeesmusee "an der Géitz"**

Den 13.05.2022 um 16:00 war die offiziell Ouverture vum Pompjeesmusee vum Letzebuerger Pompjeesverband.




**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-Gesetz), da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068